**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 4016 vum 2. Abrëll 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

Wou ech den 11. Mee 2011 an der Tierkei war, fir un der 121. Sessioun vum Comité des Ministres vum Europarot Deel ze huelen, bei deem d'Istanbul-Konventioun vum Europarot fir d'Ënnerschrëft opgemaach gouf, waren d'Vollmuechten nach net prett. Et koum zu enger kuerzer Diskussioun fir ze wëssen, op den Ausseminister d'Konventioun dierft ënnerschreiwen, och ouni Vollmuechten. D'Wiener Konventioun vun 1969 iwwert d'Recht vun de Verträg beäntwert déi Fro ganz kloer mat jo. Sou konnt ech dunn de selwechten Dag d'Istanbul-Konventioun ënnerschreiwen D'Vollmuechte goufen iwwerdeems vum Grand-Duc den 24. Mee 2011 ënnerschriwwen.